Luxembourg, le 12 février 2021

**REÇU**
*Par Alff Christian , 14:55, 12/02/2021*

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 3454 du 15 janvier 2021 des honorables Députés Sven Clement et Marc Goergen concernant les travailleurs handicapés**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 3454 vun den honorabelen Deputéierten Sven Clement a Marc Goergen zum Sujet „ Travailleurs handicapés"**

Den Artikel L. 562-3 vum Code du Travail gesäit vir, dass d'Gemenge 5% vun hirem Personal (Vollzäit) ënnert dem Statut vum „Salarié handicapé" sollen astellen.

Als *Autorité de tutelle* approuvéiert den Inneminister zwar d'Astellung vum Gemengepersonal duerch de Gemengerot oder de Schäfferot, mee bei dësen Décisioune mussen d'Gemengenautoritéiten net zwéngend uginn ob et sech ëm e „Salarié handicapé" handelt.

Dobäi kënnt, dass och Persounen, déi no hirem Engagement op enger Gemeng de Statut vum „Salarié handicapé" unerkannt kréien, bei der Berechnung vun de 5% mat considéréiert ginn. Och bei dësen Décisioune besteet keng Obligatioun fir d'Gemengenautoritéiten, d'Inneministesch a Kenntnis ze setzen.

Aus dëse Grënn verfügt den Inneministère net iwwer Donnéeën betreffend den Taux vun Agentinnen an Agenten déi am Gemengesecteur, respektiv an den eenzelne Gemengeverwaltungen ënnert dem Statut vum „Salarié handicapé" agestallt sinn.